Bicherwoch(en) am Biodiversum

Naturbicher & villes méi - Nature books & more - Livres nature & bien davantage - Naturbücher & vieles mehr

Entdeck mat eis flott Bicher fir Grouss a Kleng iwwert d'Natur.

Dëst Joër hu mir Besuch vun eise klenge Frënn mat ville Been aus dem Päiperléksgaart vu Grevenmaacher déi eis weisen wat Mimikri a Mimesis sinn!

Virwëtzeg ginn? Da komm laanscht, lauschter eise Liesungen no oder maach mat bei eisen Atelieren!

Come and discover with us many exciting books for all ages about nature.

This year we welcome our little friends from the Grevenmacher Butterfly garden, who will show us what mimicry and mimesis are all about!

Are you curious? Then come to the Biodiversum, attend readings and take part in our great workshops!

Venez découvrir avec nous de nombreux livres passionnants sur la nature pour petits et grands.

Cette année nous accueillons nos petits amis du jardin des papillons de Grevenmacher, qui nous montrent ce qu'est le mimétisme !

Curieux ? Alors passez au Biodiversum, assistez à des lectures et participez à nos super ateliers !

Entdecke mit uns viele spannende Bücher für Groß und Klein über diverse Naturthemen.

Dieses Jahr begrüßen wir außerdem unsere kleinen Freunde aus dem Schmetterlingsgarten in Grevenmacher, die uns zeigen, was Mimikry und Mimese sind!

Neugierig geworden? Dann komm im Biodiversum vorbei, besuche Lesungen oder nimm an unseren tollen Workshops teil!

11. - 24. Februar 2023
10:00-17:00

Informationen und Anmeldungen:

Tél.: 247-56531
E-mail: biodiversum@anf.etat.lu

natur&ëmwelt

ernster
l'esprit livre

seit 1989
Päiperleksgaart

BIODIVERSUM
CENTRE NATURE ET FORÊT
NATURSCHUTZZENTRUM

PROGRAMM:

11.2.

Vu 14:00 bis 16:00 Auer

Mit Federkiel und Tintenfass – avec plume et encrier – with quill and inkpot

Wéi ass fréier Tënt hiergestallt ginn? Hunn do wierklech Tëntefësch misste geopfert ginn oder geet et och anescht? Mir léiere wéi een Tënt kacht an domadder schéi Buschtawe schreiwe kann.

Alter ab 7 Joer,
Käschten: 5€

Mam Nicolas Meiers
Umeldung bis den 9.2.23

12.2.

Vu 14:30 bis 16:30 Auer

„D'Geschicht vum klenge Fuuss, deen e Buch wollt schreiwen“ vum Dany Gales (45 min) mat uschléissendem Origami-Atelier „Bastel däi klenge Fuuss“ (1 Stonn)

Liesung fir Kanner (6-9 Joer) mat hiren Eltern mam Auteur vun der Geschicht vum klenge Fuuss, dee gäre Bicher liest.

Enges Daags wëllt de Fuuss selwer e Buch schreiwen. Hie sicht eng wäiss Fieder, e schéint Heft an en Dëppche mat däischterbloer Tënt. De Fuuss wëllt ufänken, seng Geschicht ze schreiwen. Mee wéi hie virum wäisse Blat sëtzt, kënnt ke Wuert aus senger Fieder!

„Mmm... Iwwert wat soll ech schreiwen?”, freet de Fuuss sech a spadséiert an de Bësch fir sech ze inspiréieren...

Kommt mamm Fuuss op d'Sich no der Inspiratioun an erliewt des léif Geschicht mat grousse faarwege Biller a Figuren. Loost iech iwwerraschen!

Umeldung erwënscht

12.2.

um 10:30 Auer

De Fuuss wëll méi Plaz, déi kleng Prinzessin wëll en Hues an d'Frutz wëll e Reebou ... Liesung mam Christiane Kremer a mam Jil Winandy

A wann ... dat alles klappt, ginn et flott a faarweg Geschichten:
De Schleek hëlleft dem Fuuss, d'Prinzessin ännert hir Mennung an d'Frutz gëtt eng besonnesch Reebou-fänkesch.

D'Jil Winandy liest seng Geschicht "A wann ...?" iwwer de Fuuss an de Schleek, déi zesummen zwee en Tour duerch de Bësch an iwwer d'Gewan maachen.



Dobai gesäit de Fuuss, wéi gutt kleng a grouss, lues a séier, ängschtlech a geféierlech Déiere sech zesummen ameséieren a léiert dobäi, datt hie kee Grond huet, d'Flemm ze hunn.

D'Christiane Kremer erzielt vun der klenger Prinzessin, déi onbedéngt en Hues wëll, sou ee wéi hir Frëndin Petronella een huet. Näischt anescht kënnt a Fro: kee Goldfësch, kee Krabbeldéier an och keng Kaz. Mä och Prinzessinne kënnen hir Meenung änneren … "Déi kleng Prinzessin: Ech wëll en Hues" vum Tony Ross



Ausserdeem gi mer gewuer "Wéi een e Reebou fänkt". D'Frutz huet Reebéi immens gär. Méi wéi alles anescht wënscht et sech, datt et selwer een hätt. Dofir wëll et ee fänken – et gëtt eng Reebou-Fänkesch! Villes leeft dobäi awer net esou wéi geduecht an d'Frutz ka sech säi Wonsch just mat Kreativitéit a mat Virstellungskraaft erfëllen … D'Geschicht vum Naomi Jones (Text), Ana Gomez (Illustratiounen) huet de Luc Marteling op Lëtzebuergesch iwwersat.
Umeldung erwënscht

natur&ëmwelt

Päiperleksgaart seit 1989

BIODIVERSUM
CENTRE NATURE ET FORÊT
NATURSCHUTZZENTRUM

ernster
l'esprit livre

Informationen und Anmeldungen:

Tél.: 247-56531
E-mail: biodiversum@anf.etat.lu

12.2.

Vu 17:30 bis 19:30 Auer

Vum Liicht an d'Däischtert

Mound an Stären sinn d'Häre vum Nuetshimmel, mee wat ass da sou lass um Haff Réimech, wann d'Sonn sech zréckzitt?

Genee um 17.52 Auer gi mir lass a no 2 Stonne si mir nees beim Biodiversum

Fir Familljen

15.2.

Vu 13:00 bis 16:00 Auer

Liesung a Bastelatelier "Déi kleng Raup" Fir Kanner vu 5-8 Joer

Léif Kanner!

Kommt mat oder ouni är Elteren a lauschtert der flotter Geschicht vun der klenger Raup an hire Frënn no.

A klenge Pause wäerte mir eis eege Raupe filzen, Origami-Päiperleke bastelen an esou är eege kleng Raupewelt kreéieren.

Ärt Konschtwierk huelt dir am Uschloss natierlech mat heem.

W.e.g. eng Schongkëscht matbrénge fir ze bastelen an e klenge Picknick.

Umeldung erwënscht

23.2.

Vu 14:00 bis 17:00 Auer

Präsenz vum Auteur vum Buch „L'arbre – requête et plaidoyer pour une déclaration des droits de l'arbre » - Présence de l'auteur



Mat dëser Fuerschungs-aarbecht iwwer de Bam an all sengen Aspekter wëll den Auteuer seng Léift a säi Respekt zum Bam an der Natur weisen a mat eis deelen. Wéi dat Buch mat senge 730 Säiten an iwwer 1300 elektroneschen Linken richteg ze gebrauchen ass, erklärt iech den Herr Paul Bleser perséinlech.

13.2.

Von 13:00 bis 16:00 Uhr

Lesung und Basteln "Die kleine Motte Lotte" Für Kinder von 5-8 Jahren

Liebe Kinder!

Kommt mit oder ohne eure Eltern und hört euch die abenteuerliche Geschichte von der kleine Raupe Lotte und ihren Freunden an.

Während der Lesung werden wir kleine Bastelpausen einlegen, in denen ihr euch eine kleine Raupe filzen und einen Origami-Schmetterling basteln könnt für eure eigene kleine Raupenwelt.

Bringt bitte einen Schuhkarton und ein kleines Picknick mit.

Anmeldung erwünscht

19.2.

Vu 14:30 bis 16:30 Auer

Lieszeechen – Lesezeichen – marque page – bookmark

Maach dir ee flott Lieszeechen ganz wéi et dir gefält mat Linoschnëtt-Stempelen, Faarwen, Bännercher a Pärelen. D'Linodrock-Kënschtlerin Mea Bateman weist dir wéi dat geet.

D'ganz Woch iwwer (ausser Weekends) kënnt dir iech praktesch Rotschléi zum Thema Permakultur anhuelen beim Luc Gossmann.

natur&ëmwelt

BIODIVERSUM
CENTRE NATURE ET FORÊT
NATURSCHUTZZENTRUM

Päiperleksgaart
seit 1989

ernster
l'esprit livre

Informationen und Anmeldungen:

Tél.: 247-56531
E-mail: biodiversum@anf.etat.lu